LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 FEV. 2019

Luxembourg, le 14 février 2019

Concerne: Question parlementaire n° 204 du 15 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen.
Réf. : 82ax5a078

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et du soussigné à la question parlementaire n° 204 du 15 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la l'"Extension du parc IRM ".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Santé,

Étienne SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale à la question parlementaire n° 204 du 15 janvier 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'"Extension du parc IRM".

---

1. Firwat ginn dës nei IRMen net op aner Sitte gesat, wou nach keng IRMen a Betrib sinn? Firwat ginn esou z.B. zwee IRMen op Ettelbréck gesat a keen op Wolz?

D'Spideeler hunn hier Demande fir eng zousätzlech IRM zesumme mat baulechen Upassungsmoossnamen ugefrot op dem Site, wou si och generell hire Service d'imagerie médicale exploitéieren a wou och haaptsächlech d'Akutmedizin gemaach gëtt. Doduerch gëtt assuréiert, dass déi zousätzlech IRM'en schnellstméiglech Asazfäeg ginn. Iwwer zousätzlech IRM'en op anere Siten gëtt momentan nogeduecht.

2. Wéi vill Patienten duerchlafen dës IRMen an der Moyenne pro Dag?

Am Joer 2017 goufen um nationale Plang 49.000 IRMen vun der Gesondheetskeess comptabiliséiert. Dëst ass eng Moyenne vun 201 Akte pro Schaffdag (ouni Samschdes, Sonndes an d'Feierdeeg). Dëst heescht et goufe 25 IRMen pro Stonn a pro Schaffdag gemaach (wann een dovun ausgeet dat e Schaffdag 8 Stonnen huet). Bei 7 operationellen Apparater wären dat tëschent 3 a 4 Passage pro Stonn a pro Apparat. Des Moyenne variéiert awer vu Spidol zu Spidol an och pro Stonn wou ee kuckt.

Vun dëse Passage goufe 86 % am Secteur ambulatoire gemaach.

3. Wéi vill IRM-Examen goufen an deene leschte fënnef Joer am Ausland gemaach a wéi deelen dës sech, op déi eenzel Joren an op déi eenzel auslännesch Spideeler gekuckt, op?

Vir d'Joer 2017 goufen 2.400 Akte rembourséiert am Kader vun der "Directive 2011/24/UE du Parlement européen et du Conseil du 9 mars 2011 relative à l'application des droits des patients en matière de soins de santé transfrontaliers". Dat si 6 % vun den ambulatoire IRM-Passagen um nationale Plang.

Hei nach e Resumé vun de Statistike vun de leschte 5 Joer:

Joer	Unzuel un IRMen
2014	704
2015	958
2016	1.343
2017	2.400
2018	2.638

D'Statistike vun 2018 sinn nach net komplett well d'Gesondheetskeess nach net all Rechnung krut.

Als Ergänzung sief erwäänt dass ambulant Passagen am IRM vun net Residenten an eise Spideeler ronn 8 % ausmaachen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

4. Wéi sinn de Moment - opgeschlësselt no Spideeler - d'Waardezäite fir an den IRM ?

Dem Gesondheetsministère, dem Ministère fir Sozial Sécherheet souwéi der Gesondheetskeess leien keng Donnéeën vir wat d' Waardezäite fir an den IRM ubelaangt. Ziel vun der Regierung ass et awer den Accès zu den IRM'en schnellstméiglech ze verbesseren.